N°3904
Entrée le 10.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, datt Chauffeure vu spezielle Servicer, déi Persoune mat enger Behënnerung op hiert Zil féieren oder op enger Plaz ofhuelen, net berechtegt sinn, fir kuerzfristeg op enger Behënnerteparkplaz stoen ze bleiwen. Eng Persoun, déi mam Minibus stoe bleift, riskéiert hei eng Strof ze kréien, obwuel et méi sécher wier, d'Gefier kuerz op der Parkplaz ze loossen an d'Leit op der Parkplaz eraus ze loossen oder anzesammelen, aplaz an enger Ëmgéigend mat vill Verkéier.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ënnert wéi engen Ëmstänn erlaben déi aktuell Verkéiersreegelen, dass ee Gefier, wéi zum Beispill ee Minibus, dat Persoune mat enger Beanträchtegung transportéiert, eng Parkplaz fir Leit mat enger Behënnerung dierf notzen?

2. Falls et net erlabt ass, géif d'Ministesch op de Wee goen, fir hei méi flexibel Reegelen opzestellen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés